

Rapport vun der Kultur-Kommissioun

03/2022 – date: 13/07/2022

Presenzen

Present	Net present
CINCIS Patrick	MICHELS Claudine (excusée)
EICHER-KARIER Christiane	NOESEN Henri (excusé)
GRAFF Yolande	
KIEFER Raoul	
KOEPP Carlo	
LESCH Laure	
LUX-PEPIN Mariette	
MOREIRA CARDOSO Miguel	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du jour

1. Approbatioun vum Rapport 02/2022
2. 50€/Kommissiounsmember vun der Gemeng: wat maache mir?
3. Manifestatiounskalenner – Feedback op d’Ufroe vun der Gemeng
4. “Kommt all an de Märjendall” – Sonndes 11. September 2022
5. Wat kënne mir als Kulturkommissioun maachen? Wat fir Proposen kënne mir maachen?
6. Divers: Eierung vun de kulturelle Veräiner/Memberen aus der Gemeng
7. Nächst Versammlung

Punkt 1: Approbatioun vum Rapport 02/2022

- Kulturkommissioun approvéeiert de Rapport 02/2022

Punkt 2: 50€/Kommissiounsmitglied vun der Gemeng – wat maache mir?:

Kommissioun geet **Freides, den 7ten Oktober 2022**, no der Versammlung, op Huelmes an den "Il Trio" iessen

Punkt 3: Manifestatiounskalenner – Feedback op d'Ufroe vun der Gemeng

- Entweder soll een néien Syndicat oder eng Entente gebilt ginn oder awer d'Kulturkommissioun soll et iwwerhuelen -> Kulturkommissioun géif et dann mol viraussiichtlech fir d'nächst Joer iwwerhuelen
- Geréiert d'Kommissioun just de Manifestatiounskalenner oder d'Reservatiounen vun den Datumen déi während dem Joer erakommen?
- D'Kommissioun geréiert just Datumen vum Manifestatiounskalenner vun den Veräiner. Mir geréieren net Datumen vun den Demanden vu Privatléit
- Etappen fir d'Gerance vun dem Manifestatiounskalenner:
 - Mailadress kréieren: manifestations@helperknapp.lu -> sollt sech dann een Syndicat oder eng Entente bilden, kéinten déi dës Mailadress weider benotzen
 - Mir brauchen eng Lëscht vun de Veräiner vun der Gemeng mat enger Kontaktpersoun/Mailadress an eng Lëscht vun de Säll déi kënnen benotzt ginn mat den Sécherheetmoosnamen/Sall
 - Duerno stelle mir ee Bréif/Mail op deen un d'Veräiner geschéckt gëtt, wou mir d'Veräiner opfuerderen hir Manifestatiounen mat Datumen a Sall eranzerechen -> Gemeng oder Kulturkommissioun?
 - D'Veräiner kréien 1 Mount Zäit fir z'äntweren
 - D'Kommissioun sëtzt sech zesummen fir de Kalenner opzestellen
 - D'Kommissioun kuckt dann och op Punkto Material d'Aktivitéiten iwwereneen stëmmen
 - Duerno gëtt eng Versammlung mat engem Verrieder vun all Veräin ofgehaalen wou dee provisoeresche Kalenner virgestallt gëtt
 - No 6 Méint gëtt een Update gemaach op nach zousätzlech Aktivitéiten ugemeld ginn
- Inhalt Bréif – Wee stellt de Bréif/Mail op a ween kritt d'Äntwerten? Geet d'Äntwert un déi proposéiert Mailadress oder un d'Gemeng?
 - Datum vum Bréif: Mëtt September
 - 1 Mount dem Veräin Zäit loossen fir z'äntweren
 - All Veräin soll Datume vu senger proposéierten Manifestatiounen fir 1 Joer erageschéckt
 - Wat fir eng Manifestatioun?
 - Wéini?
 - Wat fir een Sall?

- Wéi vill Léit ginn ongeféier erwaart?

Mir hoffen op de Feedback vun der Gemeng fir ons nächst Versammlung den 16/09/2022. Merci

Punkt 4: “Kommt all an de Märjendall” – 11. September 2022

Den SNJ organiséiert mat der Gemeng, de Veräiner an de Kommissiounen d’Manifestatioun “Kommt all an de Märjendall”. Méinden, 11.07.2022 war eng Versammlung wou de Raoul present war:

- Et ass keng Marche gourmande geplangt well d’Léit soss ze laang ënnerwee sinn an net present um Site sinn
- Max. 3 Léit kéinten deen Dag present sinn – di aner sinn an der Vakanz --> déi Léit di do sinn, sinn an hire Veräiner engagéiert
- D’Kommissioun kënnt ganz gären owes een Patt laanscht drénken

Punkt 5: Wat kënne mir als Kulturkommissioun maachen?

Wat kënne mir als Kulturkommissioun un Aktivitéite der Gemeng proposéieren respektiv wéi gesi mir ons Funktioun/Daseinsberechtigung?

- Liesowend mat Echange mam Kënschtler -> 2023?
- Eierung vun den kulturelle Veräiner -> mir setzen ons ee Kodex an definéieren wien soll géiert ginn
- Bicherkabinn -> Diane freet no wou dee Projet drun ass
- Vernissage mat den lokalen Kënschtler um Bill -> Christiane freet um Bill no wéini eppes méiglech wier
- Uergelkonzert fir d’Uergel anzeweien ?
- Konscht an Handwierk-Maart ?
- Kleeschefeier an der néier Schoul mat der Musek Helperknapp – Jugendorchester an/oder Musekschoul -> Mam Laurent Kohl kucken op iergendeppes organiséiert gëtt an wou mir ënnerstëtzen kéinten -> Patrick freet beim Laurent no

Punkt 6: Divers

/

Punkt 7: nächst Versammlung

- **Ordre du jour:**
 - Approbatioun vum Rapport 03/2022
 - Bréif fir de Manifestatiounskalenner opstellen an erausginn
 - Krittäre fir d'kulturell Éierungen
 - Aktivitéiten Kulturkommissioun
 - Divers
 - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächste Kéier den **Freides, den 16. September 2022 um 19h00 zu Téinten am Gemengesall**

Mir bieden all Member sech spéitstens eng Stonn virun der Versammlung, ofzemellen w.e.g. an dëst op d'Mailadress vun der Kulturkommissioun, fir dat all Mënsch Bescheed weess. Villmools Merci a schéin Vakanz.